N°4329
Entrée le 17.07.2026
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Äntwert vum Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten a Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Här Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n°4329 vum éierbaren Deputéierten Här Laurent Mosar**

1. **Wéi bewäert d'Regierung déi aktuell humanitär Situatioun a Venezuela?**

No den zwee staarken Äerdbiewe vum 24. Juni 2026, mat Stäerkte vu 7,2 a 7,5 op der Richterskala, a méi wéi 500 Nobiewen, bleift d'Situatioun kritesch. Dem Büro fir Humanitär Ugeleeënheete vun der UNO (UN-OCHA) hirem Rapport vum 28. Juni 2026 no sinn op d'mannst siwe Bundesstaate betraff, besonnesch de Staat La Guaira. Aus humanitärer Siicht ass besonnesch besuergneserreegend, datt dës Katastroph e Land trëfft, an deem vill Mënsche scho virun den Äerdbiewe mat substanziellen humanitäre Besoine konfrontéiert waren.

D'Vereenten Natiounen hunn ënnerstrach, datt d'international humanitär Hëllef séier a koordinéiert ugelaf ass, mat Sich- a Rettungsaarbechten als éischt Prioritéit.

D'Servicer vun der Lëtzebuerger humanitärer Hëllef am Ministère fir auswäerteg an europäesch Ugeleeënheeten, Verdeedegung, Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel hunn d'Situatioun vun Ufank u ganz genee suivéiert. Et goufe séier konkret Schrëtt ageleet, dëst am enke Kontakt mat den europäeschen an internationale Koordinatiounsmechanismen.

2. **Ass Lëtzebuerg bereet, eng humanitär Hëllef fir d'Affer vum Äerdbiewen ze mobiliséieren? Wa jo, a wéi enger Form (finanziell Bäihëllef, Material, Asaz iwwer international Organisatiounen oder EU-Katastrophemechanismen)?**

Lëtzebuerg huet ganz séier reagéiert an Hëllef iwwert verschidde Weeër mobiliséiert. Am Kader vun emergency.lu sinn de 26. Juni 2026 zwee Experte mat engem Fliger vun der Luxembourg Air Rescue a Richtung Venezuela geflunn. Hir Aufgab wor et, Kommunikatioun fir déi international Rettungsequippe sécher ze stellen. Weider dräi Experte vum Humanitarian Intervention Team (HIT) vum CGDIS sinn an d'Koordinatiouns-Equippe vun der EU integréiert, dem sougenannten European Civil Protection Team. Hir Aufgab ass et, sur Place d'Hëllef vun der EU an den EU Memberstaten ze koordinéieren. D'Koordinatiouns Equippe vun der UNO gëtt vun zwee Lëtzebuerger Logistik Experten ënnerstëtzt. Zesumme matt der Belsch gouf en A400M Militär Transportfliger mobiliséiert, fir Hëllefsgidder an de Venezuela ze bréngen. Vu Lëtzebuerg goufen Zelter a Stroum-Generatoren am Wäert vun 100.000 Euro aus dem humanitäre Stock vum Ausseministère zur Verfügung gestallt. Sämtlech Aktioune gi vun der Lëtzebuerger Kooperatioun finanzéiert a koordinéiert.

Zousätzlech huet Lëtzebuerg bis elo nach eng Contributioun vun 250.000 Euro un d'International Federatioun vum Roude Kräiz gemaach. Weider finanziell Contributiounen si fir de Venezuela an den nächste Wochen duerch eis UNO Agencen an national an international ONGen net auszeschléissen.

3. **Ass d'Regierung a Kontakt mat den internationalen Organisatiounen, fir de konkrete Besoin un Hëllef z'evaluéieren?**

Jo, Lëtzebuerg evaluéiert d'Situatioun a koordinéiert d'Aktioun zesumme matt sengen internationale Partner. Hei gëtt notamment mat dem Emergency Response Coordination Centre (ERCC) vun der EU an UN-OCHA zesumme geschafft.

4. **Ass virgesinn, iwwer d'EU oder aner multilaterale Partner un enger koordinéierter humanitärer Hëllefsaktioun deelzehuelen?**

Jo, wéi an der Fro 2 beschriwwen hellt Lëtzebuerg iwwert verschidden EU an UNO Mechanismen un der humanitärer Hëllefsaktioun deel. Lëtzebuerg contribuéiert och reegelméisseg an den UN Central Emergency Response Fund (CERF) - am Joer 2026 matt 6,5 Milliounen Euro. Den CERF huet direkt 15 Milliounen Dollar fir d'Hëllefsaktioun am Venezuela deblockéiert.

5. **Ass d'Regierung bereet, sech dofir anzesetzen, datt déi humanitär Hëllef onofhängeg vun der politescher Situatioun am Land séier an effizient bei der betraffener Bevëlkerung ukënnt?**

Lëtzebuerg setzt sech generell staark fir d'Verteidegung vun den humanitäre Prinzippien an, dëst selbstverständlech och an dësem Fall. Déi humanitär Prinzippie sinn d'Grondreegele fir Hëllef a Krisen:

- Mënschlechkeet: Leed reduzéieren a Mënscheliewe schützen ;
- Onparteilechkeet: Hëllef gëtt no Besoin verdeelt, onofhängeg vun Nationalitéit, Relioun, Geschlecht oder politescher Meenung ;
- Neutralitéit: Humanitär Organisatiounen huelen net Partei an engem Konflikt ; an
- Onofhängegkeet: D'Hëllef bleift fräi vu politeschen, wirtschaftlechen oder militäreschen Interessen.

6. **Gesäit d'Regierung eng Méiglechkeet, zousätzlech Mëttel fir d'Nouthëllef iwwer Lëtzebuerg seng Entwécklungs- an humanitär Kooperatioun bereetzestellen?**

Fir d'Lëtzbuerger Regierung ass et elo wichteg, datt d'Hëllef séier, gezielt an no de reelle Besoine vun de betraffene Leit geleescht gëtt. Prioritär bleiwen d'Sich no Iwwerliewenden, d'medezinesch Versuergung, "Shelter" (Ënnerdaach), Waasser, Sanitärversuergung, psychosozial Ënnerstëtzung an erëm Opbau vu kritescher Kommunikatiouns- an Energieinfrastruktur. Lëtzebuerg wäert d'Entwécklung vun der Lag weider enk suivéieren a seng Ënnerstëtzung an Ofstëmmung mat der EU an de Vereenten Natiounen an de Partner um Terrain ausriichten.

Lëtzebuerg, den 17 Juli 2026

Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht
an humanitär Ugeleeënheeten

(s.) Xavier BETTEL